# Par Mëllerdall St Michel

**mat den Dierfer**

Christnach - Cruchten - Ermsdorf - Ernzen - Eppeldorf
Folkendange - Freckeisen - Glabach - Haller - Heffingen
Keiwelbach - Larochette - Medernach - Mullerthal - Nommern
Reuland - Savelborn - Schrondweiler - Stegen - Waldbillig

# Parbréif 06/2024

# vum 9. September bis den 20. Oktober



***Samschdes, den 28. September um 18.00 Auer***
***feiere mir zesummen an eiser Parkierch an der Fiels***
***eise Patréiner, den hellege Méchel***

## Apostolesch Visitt vum Hellege Vater zu Lëtzebuerg


# E Kaddo fir de Poopst

Am Kader vun der apostolescher Rees op Lëtzebuerg, déi ënnert der Devise “Fir ze déngen” steet, iwwerreecht d’Äerzdiözees dem Hellege Vater de 26. September 2024 e Kaddo, fir him Merci ze soe fir seng Visitt an hie bei senge karitativen Aktiounen ze ënnerstëtzen. Dëse Kaddo, a Form vun engem Don, geet un d’Wierker vum **Dicastère pour le Service de la Charité** vum Hellege Stull, bekannt ënnert dem Numm **Aumônerie Apostolique**. D’Aumônerie Apostolique huet als Missioun, fir am Geescht vum Evangelium an am Numm vum Poopst, d’Baarmhäerzegkeet zu Gonschte vun deenen Aarmen, deene Schwaachen an deenen Ënnerdréckten uechter d’Welt ze liewen.




Wann Dir Iech un dësem Kaddo bedeelege wëllt, **kënnt Dir en Don maachen un d’Fondatioun Sainte-Irmine:** CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 (mat der Mentioun: ***Don - Kaddo fir de Poopst***), wa méiglech virum 15. September. Fir Online-Donen: www.irmine.lu

*Kontakt: Fondation Sainte-Irmine, 4, rue Génistre, L-2014 Luxembourg, info@irmine.lu*
*Är Done kënne vun de Steieren ofgesat ginn an de gesetzleche Limitten.*



## Visite apostolique du Pape François au Luxembourg


# Un cadeau pour le Saint-Père

Dans le cadre de son voyage apostolique au Luxembourg placé sous la devise « **Pour servir** », l’Archidiocèse de Luxembourg remettra le 26 septembre 2024 un cadeau au Saint-Père pour le remercier de sa visite et le soutenir dans son action caritative. Ce cadeau, sous forme d’un don financier, sera destiné aux œuvres du **Dicastère pour le Service de la Charité** du Saint-Siège, connu sous le nom d’**Aumônerie Apostolique**. S’inspirant de l’Évangile, l’Aumônerie Apostolique a pour mission d’exercer la charité en faveur des pauvres, des personnes vulnérables et des exclus à travers le monde, au nom du Pontife romain.




Pour contribuer à ce cadeau, **vous pouvez faire un don à la Fondation Sainte-Irmine :** CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 (avec la mention : ***Don - cadeau pour le Saint-Père***), de préférence avant le 15 septembre. Pour vos dons en ligne : www.irmine.lu

*Contact : Fondation Sainte-Irmine, 4, rue Génistre, L-2014 Luxembourg, info@irmine.lu*
*Vos dons sont déductibles de l’impôt dans les limites légales.*



| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg** | **09.09** | |
| | | |
| **Dënschdeg** | **10.09** | |
| Haler | 18.30 | Mass als Erënnerung un déi jonk Männer, déi virun 80 Joer an der Grott an der Siiwebaach verstoppt waren a vum 10. September un erëm fräi waren.<br>An als Erënnerung un 80 Joer Fridden hei zu Lëtzebuerg an an Europa |
| **Mëttwoch** | **11.09** | |
| Fiels | 18.30 | 1. Jm fir Guy Herschbach<br>duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **12.09** | **Mariä Numm** |

***Maria breet däi Mantel aus / Ensemble, sous ton voile de tendresse***

| | | |
|---|---|---|
| ***Banneux*** | 10.00 | Rousekranz |
| | 10.30 | Pilgermass |
| | 14.00 | Gebiet bei der Quell |
| | 14.15 | Kräizwee |
| | 15.30 | Sakramentsandacht, Krankeseenung an individulle Pilgerseegen |
| **Freideg** | **13.09** | |

**24. Sonndeg am Joreskrees**



*Mk 8,33-34:* Iwwerdeems de Jesus sech ëmgedréit huet, huet hien seng Jünger gekuckt an huet sengersäits dem Péitrus de Virworf gemaach: “Fort mat dir, Satan, hanner mech! Du hues net dat am Sënn, wat den Herrgott wëllt, ma dat, wat d’Mënsche wëllen!“ Duerno huet de Jesus déi sëllege Leit bei sech geruff, zesumme mat senge Jünger, an hie sot zu hinnen: “Wann ee mir nokomme wëllt, da soll deen sech selwer verleegnen, hie soll säi Kräiz op sech huelen a mir nokommen!

*Kollekt: fir déi pastoral Aufgaben vun der Äerzdiözes*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **14.09** | **Kräizerhéigung – Titularfest vun der Iermsdrefer Kapell** |
| Kruuchten | 18.30 | Mass fir Jean Flammang, Marguerite Kugener, Pierre Weimerskirch, Romain Mulbach a Josy a Germaine Heuertz-Baum / Stfg fir Victor Kuffer a Rosa Majerus |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **15.09** | **24. Sonndeg am Joreskrees** |
| Steeën | 09.30 | Mass fir Fam Krack an Zenner / fir Fam Schmit an Huijben |
| Fiels | 11.00 | 1. Jm fir Andrée Steffes-Gillet |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |
| **Méindeg** | **16.09** | |




*De Schoulkanner an hirem Léierpersonal e gudden Ufank am neie Schouljoer Vill Spaass!!!*

| | | |
|---|---|---|
| **Dënschdeg** | **17.09** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Mëttwoch** | **18.09** | **Hl. Lambert – Schutzpatroun vun der Eppelduerfer Kierch** |
| Fiels | 18.30 | Mass, duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **19.09** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Freideg** | **20.09** | |

**25. Sonndeg am Joreskrees**



*Mk 9,33-36a:* Du sinn si op Kapharnaum komm. Wéi si doheem waren, huet de Jesus si gefrot: “Wouvun hat dir ënnerwee rieds?“ Si awer hu kee Wuert gesot, well ënnerwee haten si rieds dervun, wien dee Gréisste wär. De Jesus huet sech niddergesat an huet déi Zwielef geruff. Hie sot zu hinnen: “Wann een deen Éischte si wëllt, da soll hien deen Allerleschte sinn an den Dénger vun en all!“ Dunn huet hien e Kand geholl an et an hir Mëtt gestallt.

*Kollekt: fir eis Kierchen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **21.09** | **Hl. Matthäus, Apostel an Evangelist** |
| Eppelduerf | 18.30 | **Feierlech Kiermesmass** / 1. Jm fir Alice Hoffmann-Weckering / Mass fir Catherine an Edouard Wagener-Cloos / fir Lea Weber a Pierre Koenig an Nicolas Koenig |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **22.09** | **25. Sonndeg am Joreskrees** |
| Glabach | 09.30 | **Feierlech Kiermesmass** / 1. Jm fir Lucien Hess / Mass fir Ria a Jean-Pierre Diderrich-Laugs a fir Thérèse a Victor Diderrich-Nesser / fir Kuni a Marcel Reiners-Sinner / Stfg fir Marie Baustert-Ries |
| Fiels | 11.00 | Mass fir d'Par |
| Hiefenech | 19.00 | Taizé-Gebiet |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |
| **Méindeg** | **23.09** | |
| | | |
| **Dënschdeg** | **24.09** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Mëttwoch** | **25.09** | |
| Fiels | 18.30 | Mass, duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **26.09** | |

POUR SERVIR
LUXEMBOURG
26.09.2024

***Haut ass de Poopst op Visite an eiser Äerzdiözees***

***Wëllkomm! Bienvenu! Willkommen! Bem-vindo! Welcome! Benvenuti!***

*Loosst äis zesumme fir d'Poopstvisitt hei zu Lëtzebuerg bieden, déi ënnert dem Thema steet „Fir ze déngen". Op d'Virsprooch vu Maria, der Tréischterin am Leed, Zeeche vun Hoffnung an Trouscht fir dat ganzt Vollek Gottes um Wee, loosst äis um Wee vun der Léift an dem Déngscht um Nächste wuessen.*

*Eis Papp am Himmel …*

*Free dech, Maria, ganz an der Gnod,*
*den Här ass mat dir,*
*du bass geseent ënnert de Fraen,*
*a geseent ass Jesus, d'Kand, dat s de dréis.*
*Helleg Maria, Gottesmamm,*
*biet fir äis Sënner,*
*elo an an der Stonn vun eisem Doud. Amen.*

*Jesus, deen äis den Hellege Geescht geschenkt huet. (10x)*

## Diözeesaant Gebiet fir de Poopstbesuch

# *“Fir ze déngen”*

*Gudde Papp am Himmel,*
*Kuck op däi Vollek,*
*dat viru villen Erausfuerderunge steet.*
*Schenk äis de Geescht vun der Eenheet,*
*duerch Geste vu Verzeien,*
*fir zesummen nei opzebriechen*
*a solidaresch ze handelen.*

*Erneier d’Kierch hei zu Lëtzebuerg*
*duerch den Hellege Geescht.*
*Maach äis op fir däi Wuert a sensibel fir d’Suergen*
*an d’Froe vun de Mënsche vun haut.*

*Looss äis aus dem Geescht vu Jesus Christus,*
*dengem Jong, liewen.*
*Duerch d’Daf si mir mat Him verbonnen,*
*geruff a geschéckt,*
*missionaresch Jüngerinnen a Jünger ze ginn.*

*Looss esou d’Visioun*
*vun enger lieweger Kierch an äis wuessen,*
*an der Verschiddenheet vu Sproochen a Kulturen,*
*duerch d’Villfalt vu Charismen an Ämter,*
*um Wee vun der Geschwësterlechkeet,*
*an a Gemeinschaft mat eisem Poopst Franziskus,*
*Dénger a Bréckebauer.*

*Amen*


D'Par Mëllerdall
Saint Michel
hëlleft
COLLECTE DE FONDS
28.9.2024 – 6.1.2025
Mir maachen eng Spendenaktioun fir d'„Stëmm vun der Strooss". Detailléiert Informatioune fannt dir ab dem 28.9.2024 an de Flyeren an de Kierchen.
Nous organisons une collecte de fonds pour la « Stëmm vun der Strooss ». Vous trouverez des informations précises à partir du 28.9.2024 dans les flyers disponibles dans les églises.
Stëmm vun der Strooss

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg** | **27.09** | |



**26. Sonndeg am Joreskrees**

*Mk 9,41-42:* Wien iech e Becher Waasser ze drénke gëtt, well dir zu Christus gehéiert, Amen, ech soen iech, dee kënnt net ëm säi Loun. Wien awer ee vun deene Klengen, déi u mech gleewen, zum Béise verféiert, fir dee wär et besser, wann hien e Muelsteen ëm den Hals gehaang krit an dann an d'Mier gehäit géif.

*Kollekt: fir d'Ënnerstëtzung vun eisem soziale Projet*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **28.09** | |

***Zesummen als Pargemeinschaft wëlle mir am Kader vun enger feierlecher Mass eise Patréiner den hl. Méchel feieren an zwar um 18.00 Auer an der Parkierch an der Fiels.***

*D'Massendénger treffen sech schonn um 17.30 Auer fir eng Prouf.*

*Wéi all Joer gëtt dës Mass feierlech gesonge vun de Sänger a Sängerinnen aus eiser Par. Och wann een net an enger vun eise Chorallen engagéiert ass, kann een hëllefe kommen. D'Prouwe sinn:*
***Freides, den 20. September am Proufsall an der aler Fielser Gemeng***
***Freides, de 27. September an der Fielser Kierch***
*all Kéier um 20.00 Auer*
*Dirigent: Marc Dostert*

***Duerno ass jiidereen invitéiert op eng Receptioun am Centre culturel « Kleederfabrik »***

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **29.09** | **26. Sonndeg am Joreskrees – Äerzengel Michel – Patréiner vun eiser Par - Äerzengele Gabriel a Raphael** |
| Chrëschtnech | 09.30 | 6. Wm fir Irène Hary-Feltgen an 1. Jm fir Alex Kapp / 1. Jm fir Mathilde Goedert-Kohl a Mass fir d'Verst.v.d. Fam Goedert a Kohl / fir Emile a Virginie Richard-Gloesener / fir Vic Diederich a Lucie an Henri Schmitz-Spirkel / Stfg fir Nik. Nilles a Verst.d.Fam. Nilles-Theisen |
| Fiels | 11.00 | Mass fir d'Par |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg** | **30.09** | |
| Foyer Roebé | 11.00 | Mass |




### *Oktober – Rousekranzmount*

**Kranz aus Rosen**
Früher
sah man sie oft:
Kränze aus Rosen,
Rosenkränze.
In den Händen der Großmutter,
die betete.
Betete für die Enkel, die Kinder,
während sie den Rosenkranz
langsam in ihren Händen drehte.
Früher.

*Theresia Bongarth, In: Pfarrbriefservice.de*

| | | |
|---|---|---|
| **Dënschdeg** | **01.10** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Mëttwoch** | **02.10** | **Hl. Schutzengelen** |
| Fiels | 18.30 | Mass, duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **03.10** | |
| Les Etangs | 09.30 | Mass, |
| **Freideg** | **04.10** | **Hl. Franziskus vun Assisi** |



**27. Sonndeg am Joreskrees**

*Mk 10,6-9:* Ma vum Ufank vun der Schëpfung un huet den Herrgott si als Mann an als Fra geschafen; dowéinst verléisst e Mann Papp a Mamm a verbënnt sech mat senger Fra, an déi zwee ginn eent; duerfir sinn si net méi zwee, ma eent. Wat den Herrgott also matenee verbonnen huet, dat soll de Mënsch net trennen.


*Kollekt: fir eis Kierchen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **05.10** | |
| Waldbëlleg | 18.30 | Stfg fir Fam. Jos Baden-Weydert / fir René a Mariechen Thines-Zeihen |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **06.10** | **27. Sonndeg am Joreskrees** |
| Noumer | 09.30 | **Feierlech Kiermesmass** / 1. Jm fir Jean Nickels / Mass fir Fam Gilbertz-Wewer |
| Fiels | 11.00 | Stfg fir Fam. Armand Pomes-Schier |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |
| **Méindeg** | **07.10** | **Notre Dame vum Rousekranz** |

| | | |
|---|---|---|
| **Dënschdeg** | **08.10** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Mëttwoch** | **09.10** | |
| Fiels | 18.30 | Mass, duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **10.10** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Freideg** | **11.10** | **Hl. Johannes XXIII – Poopst †1963** |

**28. Sonndeg am Joreskrees**




*Mk 10,23-25:* De Jesus huet ronderëm sech gekuckt a sot zu senge Jünger: "Wéi schwéier ass et fir déi, déi e grousst Verméigen hunn, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen!" D'Jünger sinn iwwer seng Wierder erféiert. De Jesus awer sot nach eng Kéier zu hinnen: "Kanner, wéi schwéier ass et, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen! Et ass méi liicht fir e Kaméil, duerch d'Lach vun enger Nol ze kommen, wéi fir e Räichen, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen!"

*Kollekt: fir eis Kierchen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **12.10** | |
| Haler | 18.30 | **Feierlech Kiermesmass** / Mass fir Catherine a Pierre Meyers-Glesener a Marguerite an Nicolas Diederich-Weidert<br>***duerno Zeremonie beim Monsument aux Morts*** |
| **Sonndeg** | **13.10** | **28. Sonndeg am Joreskrees** |
| Miedernach | 08.45 | Opstellung an Depart vum Cortège bei der aler Gemeng |
| | ***09.00*** | ***Zeremonie bei deenen 2 Monuments aux Morts*** |
| | **<u>géint 09.40</u>** | 1. Jm fir Fernand Oswald / 1. Jm fir Nicolas Muller / 1. Jm fir Margot Schmartz / Mass fir Irma Fettes, Jean Greischer a Catherine Schuster / fir Heinz Linden-Stoos / Stfg fir Fam. Molitor-Wolff |

| | | |
|---|---|---|
| Fiels | 11.00 | Mass fir d'Par |
| | | ***duerno Zeremonie beim Monuments aux Morts*** |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |
| **Méindeg** | **14.10** | |
| | | |
| **Dënschdeg** | **15.10** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Mëttwoch** | **16.10** | |
| Fiels | 18.30 | Mass, duerno eucharistesch Ubiedung |
| **Donneschdeg** | **17.10** | |
| Les Étangs | 09.30 | Mass |
| **Freideg** | **18.10** | **Hl. Lukas - Evangelist** |

**29. Sonndeg am Joreskrees - Weltmissiounssondeg**



*Mk 10,35-38a:* De Jakobus an de Johannes, dem Zebedäus seng Jongen, si bei de Jesus komm an hunn zu him gesot: "Meeschter, mir hätte gär, datt s du äis dat an d'Rei méchs, wat mir dech elo froen." Hie sot zu hinnen: "Wat soll ech da fir iech an d'Rei maachen?" Si soten zu him: "Looss äis an denger Herrlechkeet deen een op denger rietser Säit an deen aneren op denger lénkser Säit sëtzen!" De Jesus awer huet hinne geäntwert: "Dir wësst net, wat dir do frot!

*Kollekt: fir d'Ausbreedung vum Glawen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **19.10** | |
| Fiels | 15.00 | Hochzäit vum Mathieu Barclais an Anastasia Zakharova |
| | ***18.00*** | ***Familljemass*** |
| **Sonndeg** | **20.10** | **29. Sonndeg am Joreskrees** |
| Hiefenech | ***08.45*** | ***Zeremonie beim Monuments aux Morts*** |
| | 09.00 | Jm fir Maria Sins-Glaesener a Mass fir Luss Sins / fir Jeanny a Mathias Waxweiler-Petry / fir Fam Schaack-Treff / Stfg fir Mathias Rivers, Mariechen Rivers, Léon Rivers / fir Fam. Schmidt-Schuler a Kirschten-Schmidt / fir déi Gefalen, Zwangsrekrutéiert an all déi, déi am Krich gelidden hunn |
| **Reiland** | **10.15** | **Griewerseegnung** |
| Fiels | 11.00 | Mass fir d'Par |
| Miersch | 19.00 | Messe en langue française |




Am Laf vun der éischter Woch am Oktober
fänkt dat neit Joer vun der **Katechees 2024-25** un.
Sollt äert Kand nach net ageschriwwe sinn oder dir hutt nach kee Programm geschéckt krut, da kontaktéiert wgl de Parbüro
(Tél: 83 70 91 / 621 746 257 (WHATSAPP).
Déi genau Datumen, Auerzäiten a Plaze vun de Katecheese
fannt dir op eiser Internetsäit: https://web.cathol.lu/article10539

---------------------------------------------

**L'année de catéchèse 2024-25** commencera au cours de la première semaine d'octobre, si votre enfant n'est pas encore inscrit ou vous n'avez pas encore reçu le programme, prière de contacter le bureau paroissial
(Tél: 83 70 91 / 621 746 257 (WHATSAPP).
Les informations sur les dates, heures et lieux des catéchèses sont disponible sur notre site internet:
https://web.cathol.lu/article10539

**Eischt Familljemass** fir dat neit Katecheesejoer ass
samschdes, den 19. Oktober
an der Parkierch an der Fiels um 18.00 Auer.
Mir treffen eis schonn um 17.45 Auer fir d'Lidder vun der Mass ze prouwen.
Alleguer d'Kanner mat hirer Begleedung sinn häerzlech invitéiert
fir ze hëllefen ze sangen. Wat mir zu méi sinn, wat et méi schéi gëtt.

**------------------------------------------**

**Première messe de famille** pour les enfants et leurs familles
samedi 19 octobre à 18h00 à l'église paroissial à Larochette
RV à 17h45 pour répéter les chants
Les enfants sont invités à chanter avec nous pendant la messe

# Daf / Baptême



| | |
|---|---|
| Fiels: | Accorinti Texeira Leana (14.9) |
| Hiefenech: | Agostini Elia (29.9) |
| Iermsdref: | Marques Elias (22.9) |
| Waldbëlleg: | Michels Batty (14.9) |

# Munneng / Publication de mariage

Et bestueden sech aus eiser Par:

Anastasia Zakharova a Mathieu Barclais

# Informatiounen aus der Par / Informations de la paroisse

**Ausbléck op déi nächst Feierlechkeeten an der Par:**

***<u>Griewerseegnungen</u>***

Datumen an Auerzäite fannt dir op der nächster Säit

3.11 – Kiermesmass zu Chrëschtnech
10.11 – Kiermesmass zu Hiefenech
17.11 – Kiermesmass zu Waldbëlleg

***Concert an der Waldbëlleger Kierch***
***"Darkness and Light – Sorrow and Joy"***
***Sonndes, den 20. Oktober um 17.00 Auer***
Et sangen "The Luxembourg Purcell Choir"
Entrée 25 € (Kanner gratis)
Org.: Uergelfrënn Waldbëlleg

# Griewerseegnungen an eiser Par
# Bénédictions des cimetières



| | |
|---|---|
| ***Reiland:*** | Sonndes, den 20. Oktober<br>10.15 Auer Griewerseegnung zu Reiland um Kierfecht |
| ***Steeën:*** | Sonndes, de 27. Oktober – Mass um 9.00 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Schrondweiler:*** | Sonndes, de 27. Oktober – Mass um 11.00 Auer<br>uschl. Griewerseegnug |
| ***Noumer:*** | Allerhellegen, den 1. 11 – Mass um 9.00 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Iernzen:*** | Allerhellegen, den 1. 11 – Griewerseeg. um 11.15 Auer |
| ***Fiels:*** | Allerhellegen, den 1. 11 – Griewerseeg. um 14.30 Auer |
| ***Miedernach:*** | Allerhellegen, den 1. 11 – Mass um 15.30 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Eppelduerf:*** | Allerséilen, den 2. 11 – Mass um 9.30 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Iermsdref:*** | Allerséilen, den 2. 11 – Griewerseegnung um 11.15 Auer |
| ***Kruuchten:*** | Allerséilen, den 2. 11 – Mass um 15.30 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Chrëschtnech:*** | Sonndes, den 3. November- Kiermesmass um 9.00 Auer,<br>uschl. Griewerseegnug |
| ***Hiefenech:*** | Sonndes, den 10. November - Kiermesmass um 9.00 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Waldbëlleg:*** | Sonndes, de 17. November- Kiermesmass um 9.30 Auer,<br>uschl. Griewerseegnung |
| ***Haler:*** | Sonndes, de 17. November– Griewerseegnung um 11.15 Auer |

## PASTORALTEAM / EQUIPE PASTORALE

Paschtouer Robert KUZWELA MULANDA ☎ 691 70 83 83
Curé modérateur ✉ rkmuland@hotmail.com
Michel Bingen ☎ 621 307 709
Diakon ✉ michel.bingen@cathol.lu
Josiane Poos-Goedert – Sekretärin ☎ 83 70 91
✉ josiane.poos@cathol.lu

## Parbüro / Bureau paroissial

B.P. 40 / 2, rue du Pain
L-7601 Larochette

☎ 83 70 91
✉ mellerdall@cathol.lu
https://cathol.lu/mellerdall


Bürosstonnen: *méindes, dënschdes, mëttwochs a freides vun 8.30 bis 11.30 Auer*

**Froen iwwert d'Katechees oder d'Firmung:** ✉ cate.mellerdall@cathol.lu
☎ 83 70 91 / 621 746 257 (WhatsApp)

## Massintentiounen / Intentions de messe:

Wann dir är Massintentioune per Iwwerweisung bezuelt oder bestellt, schreift ***onbedéngt*** an der Communicatioun vum Virement folgend Informatiounen:

- **Numm + Virnumm** (fir deen d'Mass soll gehale ginn);
- d'**Uertschaft**, wou d'Mass soll gehale ginn;
- **eventuell een Datum** (woubäi mir net garantéieren, datt d'Mass deen Datum ka gehale ginn).

Onkäschtebäitrag: Weekend 30 € an der Woch/en semaine 20 €

**Kontosnummer vun eiser Par / compte de la paroisse:**
**BCEE LU02 0019 5055 7220 7000 - Kierchefong C.T. / Mëllerdall**

**Deen nächste Parbréif geet vum 21. Oktober bis den 1. Dezember**
**Redaktiounsschluss ass freides, de 27. September**
**Prochain bulletin : 21.10 – 01.12 – Délai de rédaction : 27.09**

**De Parbüro ass zou vum 30. September bis de 14. Oktober mat**
**Le bureau paroissial restera fermé du 30.09 – 14.10 inclus**